# Rapport Referees' Commission - 29.06.2026

Present : Courtois, Keiffer F., Keiffer N., Kröpelin, Nesser, Welter, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Volz

**1) *Adoptioun vum Rapport vum 19.05.2026***

**2) *Besetzung RefCom***

*De Francis Keiffer huet der RefCom matgedeelt, dass hie seng Plaz an der RefCom fir een Nofollger fräi mécht. De Fränz wäert weider als Delegué aktiv sinn, a steet der RefCom zur Verfügung, sollt Hëllef oder Ënnerstëtzung gebraucht ginn. D'RefCom seet dem Fränz e grousse MERCI fir all déi Aarbecht déi hien an de leschte Jore geleescht huet, zemools um Niveau vun eise jonken Arbitter. Merci Fränz!!*
*Duerch déi puer Ofgäng an der RefCom ginn e puer Plaze fräi fir nei Memberen. D'RefCom kuckt wéi eng Plaze fräi sinn a lancéiert dann een Opruff.*
*E puer Leit hunn sech scho gemellt fir an d'Besetzungskommissioun ze kommen. De Claude Weinzierl kontaktéiert d'Leit.*

**3) *Summerstage***

*De Summerstage fir all Arbitter ass den **22.&23. August 2026**. D'Maile mat den Informatioune sinn un d'Arbitter verschéckt ginn.*
*Als Expert kënnt nees de Beat Nagel aus der Schwäiz. De genee Programm gëtt an den nächste Woche mat him ausgeschafft.*

**4) *Tester Saison 2026/2027***

*D'Tester fir d'Saison 2026/2027 sinn:*
***11. Juli 2026** 10h00 Laftest (AXA) – 11h00 (ALL) theoreteschen Test*
***21. August 2026** 19h00 Laftest (AXA) – 20h00 (ALL) theoreteschen Test*
***12. September 2026** 10h00 Laftest (AXA) – 11h00 (ALL) theoreteschen Test*
*D'Laftester sinn um INS Hall 1 an theoretesch Tester am SLL Sall A1.01*
*D'RefCom huet e Reminder geschéckt.*
*D'Arbitter si gebiede sech fir d'Tester unzemellen, dass mir ongeféier wësse, wie wéini kënnt.*

**5) *C-Arbitter Cours***

*D'Datumer fir een neien C-Cours sinn den 12., 19. an 23. September. Wéinst Problemer mat de Säll um INS, ass d'Formatioun zu Stroossen an der Maison des Sports. D'Infoe sinn un d'Veräiner geschéckt a publizéiert ginn. Interesséiert Kandidate kënne sech ënnert follgendem Link umellen.*
*https://inaps.public.lu/fr/inscriptions/jugesarbitres/flhcycleinferieur0.html*

***Nächst RefCom: Mëttwochs den 29. Juli 2026 um 19h00 an der Maison des Sports***


LU:NEX FLINCK-BRICHER LODYSS AXA PETERS SPORTS PUMA LOTERIE NATIONALE Päiperléck Tageblatt BIL VOYAGES VANDIVINIT KOX streff Le Quotidien Sports.lu apart TV Threeland Alliance Saveurs & Santé HYPE SOCIAL MEDIA AGENCY ewa